ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Sou wéi et am Artikel "*80,7 Prozent des verbrauchten Stroms wurden importiert*", deen den 23. Juli am Tageblatt publizéiert gouf, heescht, sinn d'Stroumpräisser fir Privatleit hei am Land d'lescht Joer ëm ronn zéng Prozent geklommen, obwuel de Verbrauch ëm 4,5 Prozent zeréckgaangen ass. Weider heescht et, datt de gréissten Deel vun deenen 80,7 Prozent Stroum, déi hu missen importéiert ginn, aus Däitschland koum. E Land wou d'Stroumpräisser bekanntlech ganz héich an d'Netzer volatil sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1) Duerch wéi eng Faktoren ass dës Erhéijung vun de Stroumpräisser trotz dem Réckgang vum Verbrauch ze erklären? Wéi eng Roll spillt d'Ëmstellung op ëmwandelbar Energië bei dësem Prozess? Ass domat ze rechnen, datt d'Stroumpräisser an den nächste Jore weider klammen?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi d'Entscheedung motivéiert war, eise Stroum haaptsächlech aus Däitschland ze importéieren? Wéi eng Roll hu potenziell Iwwerlaaschtunge vum däitsche Stroumnetz bei dëser Decisioun gespillt?
3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, aus wéi enge Länner Lëtzebuerg am Joer 2020 wéi vill Stroum importéiert huet a wéi een Duerchschnëttspräis mir pro Kilowatt Stroum un eis jeeweileg Handelspartner bezuelt hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten